N°2428
Luxembourg, le 23.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit Yuriko Backes a vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet Martine Deprez op d'parlamentaresch Fro n°2428 vum honorabelen Deputéierten Dan Hardy.**

1. **Kann d'Madamm Minister eis matdeelen, ob et Statistike gëtt iwwer d'Zuel vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg eng Konversiounstherapie gemaach hunn? Wann jo, kënnen dës Zuelen eis matgedeelt ginn? Wann net, kann d'Madamm Minister eis soen, firwat des Statistiken ni zesummegestallt goufen?**

   Opgrond vun der Tatsaach, dat d'Konversiounstherapien bis elo nach net an eisem Strofrecht als Strofdot verankert sinn, kënnen mer confirméieren, dat mer keng offiziell Statistiken iwwer Fäll vun Konversiounstherapien zu Lëtzebuerg hunn.

2. **Wat sinn d'Grënn dofir, datt Lëtzebuerg nach keng legal Basis am Kader vun der Konversiounstherapie huet?**

   D'Fro vum Verbuet vu Konversiounstherapien brauch eng grëndlech legal an konzeptuell Analys wat genee dodrënner fällt, an déi mer am Kader vun der Ëmsetzung vum adaptéierten Nationalen Aktiounsplang LGBTIQ+ wäerten maachen fir de Wee fräi ze maachen fir e Verbuet vun dësen Therapien an eisem Strofrecht.

3. **Wéi steet d'Regierung zu enger strikter an encadréierter legaler Basis zu dësem Thema?**

   Am Kader vum Koalitiounsaccord a vum adaptéierten Nationalen Aktiounsplang LGBTIQ+ deen d'Regierung den 11. Juli 2025 ugeholl huet, steet d'Regierung dozou de Verbuet vun Konversiounstherapien an dat nationaalt Strofrecht ze integréieren.

4. **Ass d'Regierung sech bewosst, datt Institutioune wéi d'UNO d'Konversiounstherapie kritesch gesinn?**

   Generell hellt des Regierung d'Recommandatiounen vun internationalen Organisatiounen wéi d'UNO, den Europarot oder och nach der Fundamental Rights Agency (FRA) vun der Europäescher Unioun ganz eescht, déi sech op e besseren Schutz vun LGBTIQ+-Persounen bezéien.

5. **Wëll d'Regierung nom Beispill vun aneren EU-Länner och en änlecht Gesetz op den Instanzewee schécken?**

   Op dësem Dossier wäert d'Regierung d'Beispill vun aneren Länner an der Europäescher Unioun suivéieren.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2025

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes